

D'Gemengen hu séier koherent a solidaresch op d'Corona-Kris reagéiert

RTL | Update: 25.03.2020 11:33 | [2 Commentaire\(n\)](#)



© RTL Archivbild

Déi néideg Zerwesser an de Gemenge sinn assuréiert. Och wann d'Kommunikatioun mat de Bierger iwver Telefon oder Internet, an net méi an der Märei geschitt.

Dat sot de President vum Gemengesyndikat Syvicol, den Emile Eicher, e Mëttwoch de Moien am RTL-Interview.

Fir sech ënnerteneen ofzeschwätzen, gouf och e WhatsApp-Grupp vun de Buergermeeschteren opgemaach. Och mat der Regierung, dem Interieur, wier den Austausch gutt.

Et ass awer eng Course géint d'Zäit. An e grouse Problem, deen een net dierft ënnerschätzen, ass de psychologeschen Aspekt. Sief et bei Leit, déi ganz eleng sinn oder awer, well d'Mënschen Angscht hunn, sou nach den Emile Eicher vum Syvicol.